

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

De 27. Januar 2021 hat d'parlamentaresch Versammlung vum Europarot an hirer Resolutioun 2361 („Vaccins contre la covid-19: considérations éthiques, juridiques et pratiques“) d'Memberstaaten opgefuerdert, „de s'assurer que les citoyens et citoyennes sont informés que la vaccination n'est pas obligatoire et que personne ne subit de pressions politiques, sociales ou autres pour se faire vacciner, s'il ou elle ne souhaite pas le faire personnellement“.

Dat neit Covid-Gesetz, dat den 29. November 2021 vun der Regierung virgestallt gouf, gesäit verschäerft Reegelen am Kampf géint de Coronavirus vir, ënner anerem den „2G“ am Fräizäitberäich an den obligatoreschen „3G“ op der Aarbechtsplaz, Mesuren, déi ganz kloer iwwer dat erausgoen, wat bis elo hei am Land an deem Beräich decidéiert ginn ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

- 1) Wéi steet d'Regierung zur genannter Resolutioun vum Europarot?
- 2) Kann d'Regierung preziséieren, ob an a wéiwäit dat neit Covid-Gesetz konform zu dëser Resolutioun ass?

Mat beschte Gréiss



Jeff Engelen, Deputéierten

